



Här Fernand Etgen  
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 12. Februar 2020

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesait, géif ech lech bidden folgend parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch an un d'Häre Ministere fir Educatioun, Kanner a Jugend, fir bannenzeg Sécherheet a fir Sport ze stellen.

Sexuelle Méssbrauch kennt vill Gesiichter. Ëmmer nees erreechen eis Nouvelles vu sou Virfäll, och am Sport. An engem rezenten Artikel aus dem Luxemburger Wort, gëtt de Fall vun enger franséische Héichleeschungssportlerin am Äiskonschtlauf duergeluecht.

Am Artikel geet rieds vu jonken Athleten, déi oft eng ganz eng Relatioun mat hirem Trainer, deem och d'Eltere vertrauen, hëlleflos ausgeliwwert sinn. Wann et Matwësser ginn, géifen déi och net agräifen. Et géif eng Aart Omertà herrschen. A virgenanntem Artikel gëtt déi franséisch Psychiaterin, Muriel Salmona mat folgendem Saz zitéiert: „Le sport est un univers surreprésenté dans les cas de violences sexuelles.“

Ech wéilt duerfir folgend Froen un déi virgenannte Ministere riichten:

- Deelt d'Regierung d'Duerstellung vun der Madame Salmona oder ass d'Regierung der Meenung dat et sech hei just em ee puer eenzel Fäll handelt?
- Wéi vill Fäll vu sexueller Gewalt am Sport sinn de Police- respektiv Justizautoritéiten déi lescht Joren iwwer gemellt ginn? Op wéi een Zäitraum bezéien sech dës Virfäll?
- Wéi vill Persounen goufen am Endeffekt ugeklot a verurteelt? Wéi vill vun deene Persoune si Recidivisten ? Wann een Numm e puer mol fält, ginn da speziell Moosnamen geholl och wann d'Faiten verjährt sinn ?
- Ginn hei net enorm vill Fäll am Donkelen gehalen oder net bekannt, well den Datum fir een unzekloen ofgelaf ass? Wéi héich schätzt d'Regierung d'Donkelziffer an dësem Beräich?
- Plangt d'Regierung eng Sensibilisierungscampagne am Beräich sexuelle Méssbrauch am Sport?

- Den ORK verweist a senge Publikatioun reegelméisseg op eng Publikatioun vun der ONG ECPAT op dé sougenannte „référentiel concernant la protection des mineurs contre les violences“. Et ass en Outil, deen sech och u Sportsclibb riicht an deen et de Clibb soll erméiglechen eng Aart Auto-Evaluatioun duerchzeféieren. A wéi fern sinn d'Ministeren der Meenung, dass dëse Referentiel e wichtegen Outil fir d'Sportsclibb kéint duerstellen? Hunn déi eenzel Federatiounen a Clibb Kenntnis vun dësem Referentiel? Gräifen se reegelméisseg op dësen Outil zeréck?
- Wéi oft hunn d'Sportsclibb an d'Federatiounen déi leschte Joren op de Bulletin n°5 vum Casier judiciaire beim Rekrutement vu Leit déi a reegelméissegem Kontakt mat Mannerjärege stinn, zréckgegraff ?

Mat déifstem Respekt,



Nancy Arendt  
Députéiert



CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff  
Service des séances plénières et  
secrétariat général  
Tél : 466.966.223  
Fax : 466.966.210  
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec le Parlement  
Luxembourg

Luxembourg, le 12 février 2020

Objet : Question parlementaire n° 1862 du 12.02.2020 de Madame la Députée Nancy Arendt  
épouse Kemp - Violences sexuelles dans le sport

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen  
Président de la Chambre des Députés